



Fernand ETGEN  
President vun der  
Deputéiertechamber  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 06/05/2020

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Ëffentlech Aarbechten weiderzeleeden.**

An der Äntwert op meng parlamentaresch Fro n° 1824 schreift den Här Minister fir Ëffentlech Aarbechten Folgendes :

Ee Contournement vun der Houschter-Déckt ass de Moment net virgesinn. Et ass dozou ze soen dass et sech bei Housen an Hengescht ëm Uertschaften handelt a bei der Houschter-Déckt ëm e „Lieu-dit“, wat déi ënnerschiddlech Prioritéits-Niveauen erkläert.

D'Houschterdéckt ass an der Tëschenzäit zu enger gréisserer Agglomeratioun mat ronn 270 Awunner erugewuess a bis 2025, wäerte nach ronn 190 Menagen derbäi kommen.

Mir ass iwwerdeems zougedroë ginn, datt d'Leit, déi op dësem „Lieu-dit“ wunnen, bei staarkem Verkéier mol net mat hirem Auto iwwert d'Strooss kommen. Den Zouwuess u Bevëlkerung suergt dofir, datt dës Situatioun sech nach verschäerfe wäert. Och fir d'Foussgänger ass d'Houschter-Déckt geféierlech. E Contournement kéint dësem Problem entgéint wierken.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:


1. Duerch wéi eng Mesurë gedenkt den Här Minister d'Foussgänger an der Houschterdéckt besser ze schützen, ouni dobäi den Trafic op der N7 ze entravéieren?
2. Wat ass, Här Minister, den aktuelle Stand vu Folgende Projeten:
  - Contournement Housen
  - Contournement Hengescht



[www.piraten.lu](http://www.piraten.lu)

- Ausbau vun der B7
3. Ass den Här Minister bereet seng Decisioun, betreffend engem Contournement fir d'Houschterdéckt ze iwwerdenken an a noer Zukunft de Prioritéits-Niveau erop ze hiewen? Falls net, firwat net?
  4. Ass de Minister d'Accord mam Constat, datt et géif Sënn maachen, de Contournement Hengescht an Housen zesumme mat engem Contournement Houschterdéckt ze realiséieren, wëssend, datt dëst kéint fir e koherent a séchert Verkéierskonzept op dësem Tronçon vun der N7 suergen?
  5. Ass d'Bezeechnung "Lieu-Dit" fir d'Houschterdéckt nach zäitgméiss? Gedenkt de Minister an noer Zukunft d'Houschterdéckt als „Uertschaft“ unzëerkennen? Falls net, firwat net?

Mat déiwem Respekt,



GOERGEN Marc  
Député

